PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 21 September 2026 bis den 11 Januar 2027



Méindeg, den 21 September um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Reprise vun eisen Aktivitéiten no der Vakanz PHOTO -Talk Vakanz

Jidderee ka 4 Fotoen zum Thema a 4 Fotoe Sujet libre ofginn. Wee keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen.

Fotoen iwwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!
Nëmmen déi Fotoen déi iwwert de Formular bis Méindes Moies 12 Auer erop geluede ginn, kënne gewise ginn.
Numm vun der Foto fir de Sujet libre : SL_1_äre Numm a Virnumm.jpg
Sujet imposé (Vakanz) : Sl_1_äre Numm a Virnumm.jpg

Samstes, den 26 September um 15 Auer
Foto Sortie op d'Musel an Owesiessen am Possenhaus

Mir ginn eis um 15 Auer RV um Parking Scheierbierg zu Reimech a ginn zesummen an d'Wéngerte fir Hiecht Impressiounen anzefänken.
Suss reservéiert eis een Dësch fir deen Owend nach gemittlech zesummen ze verbréngen. **Mellt iech onbedéngt iwwert de Formular un.**

Méindeg, den 28 September um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Mise en scène table top am studio

De Carlo (Carmen als Assistent) preparéiert 2 Set's déi hien och de 17 Oktober zu Grevenmacher um Salon National weise wäert, déi ee souwuel mat Handy wei mat Fotoapparat ka realiséieren. Et geet drëm ze weisen dat net ëmmer dat beschten technesch Material di gutt Foto mécht.

Méindeg, den 5 Oktober um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO -Talk Hiecht / am Wéngert

Jidderee ka 4 Fotoen zum Thema a 4 Fotoe Sujet libre ofginn. Wee keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen.
Fotoen iwwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!

Méindeg, den 12 Oktober um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTOSHOOTING Model an der Këscht

Eis flott Këscht kennt lo endlech erëm an den Asaz, nodeems mir schonn 2 Set's fotografeiert hunn, geet eise Projet haut an déi nächst Phase. Et ass eng Clubaarbecht wou nëmmen 1 Fotograf Fotoe mécht.

SAVE THE DATE
17 Oktober 26, Salon National zu Grevenmacher !!

RV fir de Public ab 11 Auer zu Grevenmacher am Centre MACHERA, jidderee deen hëllefe wëllt bei den Aktivitéiten vum PCGS kann sech beim Carmen mellen. (691 594 182)

Méindeg, den 19 Oktober um 19:00
Portrait outdoor um Belval mat flash

Mir gin eis RV bei der Rockhal fir ee Portrait shooting mat low light an zousätzlechem Flash, eng Technik déi nach net jidderee vun eis kennt.

Méindeg, den 26 Oktober um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Table Top am Studio mat Trockeneis

Mat Trockeneis an engem Behälter mat Waasser loossen sech vill flott Motiver ëmsetzen, mat Géigeliicht kann een de Niwwel deen entsteet ganz flott beliichten.

Méindeg, den 2 November um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO -Talk Portrait outdoor

Jidderee ka 4 Fotoen zum Thema a 4 Fotoe Sujet libre ofginn. Wee keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen.

Fotoen iwwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!

Méindeg, den 9 November um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

STUDIO-FLASH

Jiddereen deen u Studio-Fotografie intresséiert ass soll deen Owend net verpassen, mir weisen nach mol d'Basisbeliichtung fir Portrait Fotografie mat engem oder méi Blëtzer.

Méindeg, den 16 November um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Table top Kéis a Wäin

Mir hu verschidden Zorte Kéis, Wäin, Drauwen an Nëss als fotografesch Elementer zur Verfügung. Zil ass virun allem mat Liicht, Schiet, Perspektiv a Kompositioun ze experimentéieren ....
an duerno däerfe mir eis Kompositioun degustéieren.

Méindeg, den 23 an 30 November um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTOSHOP Basis Cours vum Carlo ROVATTI

Méindeg, den 7 Dezember um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO -Talk Table Top mat Trockeneis

Fotoen iwwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!

SAVE THE DATE !!

Dënschten, den 8 Dezember kritt de PCGS de mérite culturel vun der Gemeng Suessem. Haalt iech deen Datum fräi fir mat an den Artikuss, Detailer schécken mir iech sou séier wei méiglech.

Méindeg, den 14 an 21 Dezember um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTOSHOP Basis Cours vum Carlo ROVATTI.

Méindeg, den 4 Januar 2027 um 19:30
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO -Talk Keiss a Wäin

Fotoen iwwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!

Méindeg, den 11 Januar 2027 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Neijoerspatt vum Präsi

De Präsident ass Ufank Januar nach an der Vakanz dofir gëtt de Neijoerschpatt em eng Woch no hanne geréckelt, mat e bëssi Verspéidung proste mir dann op d'Joer 2027.